Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 28. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet an de leschte Woche ganz staark summerlech Temperaturen erlieft, déi sech och ob den Eisebunnsverkéier auswierke kënnen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister opläschten, zu wéi engen Aschränkungen an/oder Verspéidungen et an de leschte Wochen opgrond vun den héijen Temperature komm ass?
2) Wéi eng Erfarungen an Erkenntnisser a punkto Kontroll, Ënnerhalt asw. goufen am Bezuch op déi héich Temperature fir dat nationaalt Eisebunnsnetz zeréckbehalen?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten